



UNIVERSITY OF LUXEMBOURG
Department of Social Sciences

Centre for Childhood and
Youth Research



YAC

Young People and COVID-19

Virleefeg Resultater vun enger
representativer Befroung vu
Jugendlechen a jonken
Erwuessenen zu Lëtzebuerg

Caroline Residori
Maria E. Sozio
Lea Schomaker
Robin Samuel



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Luxembourg National
Research Fund

De Projet „YAC – Young People and COVID-19: Social, Economic, and Health Consequences of Infection Prevention and Control Measures among Young People in Luxembourg“ gëtt finanzielle ënnerstëtzt duerch d'Universitéit Lëtzebuerg, de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an de Fonds National de la Recherche, Lëtzebuerg (Grant 14720458 – YAC).

YAC ass Deel vum Dachprojet YAC+, deen niewent YAC och eng qualitative Studie zu COVID-19 ëmfaasst. Den Dachprojet YAC+ gëtt finanziell ënnerstëtzt duerch d'Universitéit Lëtzebuerg an de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend.

D'Auteurinne bedanken sech bei de folgende Persounen an Institutiounen häerzlech fir hir wäertvoll Commentairen an hir Ënnerstëtzung:

Nathalie Keipes a Conny Roob vun der Direction générale du Secteur de la Jeunesse esou wéi Elisa Mazzucato a Senad Karavdic vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation Pédagogiques et Technologiques vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse;

Nico Majerus, Pierre Trausch, Pierrette Weisgerber a Guy Zenner vum Centre des Technologies de l'Information de l'Etat;

Bechara Ziadé a Katharina Pucher vum Service épidémiologie et statistiques vun der Direction de la Santé vum Ministère de la Santé;

Sandra Biewers, Carolina Catunda, Simone Charles, Céline Dujardin, Andreas Heinen, Andreas Heinz, Moritz Höpner, Christiane Meyers, Alessandro Procopio, Emanuel Schembri, Magdalena Schobel, Anette Schumacher, Tabea Sophie Schulze und Helmut Willems vum Centre for Childhood and Youth Research vun der Universitéit Lëtzebuerg an hire studenteschen Hëllefskraafte Lisa Gardin, Caroline Koch a Christina Reisinger;

Jörn Marx vun T&I Portfolios GmbH;

an alle Jugendlechen a jonken Erwuessenen, déi de Questionnaire getest hunn oder un der Ëmfro deelgeholl hunn.

Déi an dësem Rapport duergestallten Analysen an Interpretatiounen sinn déijeineg vun den Auteurinnen an entsprechen net onbedéngt den Astellung vum de Persounen, déi kommentéieren oder vun den Institutiounen, déi finanzéieren oder anerwäerts bedeelegt sinn.

Zitéierungspropositioun

Residori, Caroline; Sozio, Maria E.; Schomaker, Lea; Samuel, Robin (2020): YAC – Young People and COVID-19. Preliminary Results of a Representative Survey of Adolescents and Young Adults in Luxembourg. University of Luxembourg: Esch-sur-Alzette.

Aféierung an Demarche

Fir d'COVID-19-Pandemie erfolgräich anzedämmen, goufen an deene vergaangene Méint wäitreechend Moosname ergraff, wéi zum Beispill Kontaktbeschänkungen an Hygiène-Veruerdungen, déi eisen Alldag staark veränneren.

Et ass noutwenneg, d'Situatioun vu jonke Mënschen¹ an hir Reaktioun op d'COVID-19-Pandemie ze erfuerschen, well si besonnesch drastesch Aschnëtter an hir Alldagsstrukturen erlieft hunn. Schoul, Universitéit, Sport- a Fräizäitzentren sinn zentral fir d'Entwécklung vu jonke Mënschen. Schléissungen an ageschränkten Zougang zu dësen Instruktiounen kënnen en Afloss op d'mental Gesondheet, d'Wuelbefannen, mee och op d'Léieren an déi berufflech Entwécklung hunn. D'Moosnamen géint d'COVID-19-Pandemie kënnen dowéinst déi wichteg Iwwergangsphas tëschent Kandheet an ErwuessE Sinn beträchtlech beaflossen (Research-based analysis of European youth programmes 2020).

Och aus enger gesondheetswëssenschaftlecher Perspektiv gétt der Liewensphas Jugend e prägenden Afloss op d'Gesondheet am spéidere Liewensverlaaf zougeschriwwen. Zudeem hu Jugendlecher a jonk Erwuessener eng besonnesch Responsabilitéit bei der Andämmung vum Coronavirus (Croatian Presidency of the Council of the European Union 2020; Klinzing 2020). Fir Lëtzebuerg weist sech dës zentral Roll besonnesch an deene verhältnisméisseg héijen Undeeler vun 15- bis 29-Järegen, déi während der sougenannter „zweeter Well“ am Zäitraum vum 22. Juni 2020 bis 30. August 2020 a Quarantän hu misse goen. Mat duerchschnëttlech 29 % vun de Persounen a Quarantän, hunn déi 15- bis 29-Järeg an dësem Zäitraum dee gréissten Deel uitgemaach, am Verglach zu 0- bis 14-Järegen (23 %), 30- bis 44-Järegen (24 %), 45- bis 59-Järegen (21 %) a 60+-Järegen (3 %) (Ministère de la Santé 2020).

D'Zil vun der YAC-Etüd vun der Universitéit Lëtzebuerg ass et dowéinst, d'Situatioun vun de jonke Mënschen am Alter vun 12 bis 29 Joer zu Lëtzebuerg während der Pandemie duerzestellen. D'Auswiel vun de befrote Persounen ass méttels enger ponderierter Zoufallsstéchprouf aus dem Nationale Register vun natierleche Persounen (RNPP) erfollegt. D'Persoune goufe per Bréif invitéiert, un enger Onlinebefroung deelzehuelen. D'Befroung, déi nach undauert, huet den 2. Juli 2020 ugefaangen a bis Dato hu méi wéi 4.000 Persounen dorun deelgeholl. Fir

schnellstméiglech Resultater zur Verfügung stellen ze kënnen, gouf mat den 3.768 ParticipantInnen, déi de Questionnaire bis den 31. Juli 2020 vollstänneg ausgefëllt haten², e virleefegen Datasaz erstallt. D'ParticipantInne goufen no Geschlecht, Alter a Wunnngemeng ponderéiert, fir all 12- bis 29-Järeg, déi zu Lëtzebuerg wunnen, ze representéieren.

YAC-Befroung – virleefeg Daten

Befrote Persounen:	Awunner zu Lëtzebuerg (no RNPP)
Alter vun de befrote Persounen:	12-29 Joer
Unzuel vun de befrote Persounen:	3.768
Befroungszäitraum:	2. bis 31. Juli 2020
Kontaktopnam:	per Bréif
Befroung:	Onlinequestionnaire

De virleefende Rapport beschreift, wéi jonk Mënschen zu Lëtzebuerg d'Situatioun insgesamt bewältegen, wéi besuert si wéinst COVID-19 sinn, mee och, wéi gutt si sech a Bezuch op d'Moosname géint COVID-19 informéiert fillen. Zousätzlech gétt ënnersicht, wéi jonk Mënschen zu Lëtzebuerg d'Moosnamen anhalen a bewäerten. An engem éischte Schrëtt gi fir dës Aspekter déi wichtegst Tendenzen unhand vun de virleefegen, ponderéierten Date bericht.

An engem zweete Schrëtt gi fir jiddweree vun den opgefëierten Aspekter Zesummenhäng mat dem Geschlecht, Alter a Migratiounshannergrond³ souwéi dem sozioekonomesche Status (SES) ënnersicht. Hei gétt SES unhand vun der Eegenaschätzung vum individuellen a vum familiäre Wuelstand, ënnersicht. Domat kënne sozial Ongläichheeten am Ëmgang mat der COVID-19-Pandemie an hirer Bewältegung siichtbar gemaach ginn. Well d'Analys unhand vu virleefegen Daten duerchgefëiert gouf, ginn nëmmen eendeiteg a statistesch signifikant Differenze bericht. Tabelle vun de gesamte Resultater kann ee sech ënner <https://www.jugend-in-luxemburg.lu/yac-plus/ukucken>. Zu engem spéideren Zäitpunkt ginn déi final Date verdéift analyséiert, fir méi komplex Zesummenhäng z'ënnersichen.

¹ Ouni weider Angaben steet de Begrëff „Jugendlecher“ fir 12- bis 15-Järeg, „jonk Erwuessener“ fir 16- bis 29-Järeg a „jonk Mënschen“ fir 12- bis 29-Järeg

² Et goufen nëmme ParticipantInne berécksiichtegt, déi no eegenen Angaben de Questionnaire mat Suergfalt ausgefëllt hunn.

³ Bei dem Migratiounshannergrond gi Persounen, déi net zu Lëtzebuerg gebuer goufen, als 1. Generatioun bezechent a Persounen, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn, deenen hir Elteren awer net béid zu Lëtzebuerg gebuer sinn, als 2. Generatioun.

Fir d'Interpretatioun vun de Resultater ze erliichteren, goufe Referenzetüden identifizéiert, déi änlech Froe behandelen. Wann ëmmer et méiglech ass, notze mir national Etüden, fir déi virleidend Resultater am Verglach zu der Gesamtpopulatioun zu Lëtzebuerg ze situéieren, an international Etüden, fir déi virleefeg Resultater vun der YAC-Etüd mat Resultater zu jonke Mënschen aus anere Länner ze vergläichen.


Fir d'quantitativ Resultater z'illustréieren an ze ergänzen, goufen aus qualitativen Interviewe mat jonke Mënschen zu COVID-19 Zitater ausgewielt an an dëse Rapport integréiert. D'Resultater vum qualitativen Deel vun der YAC+-Etüd ginn an noer Zukunft publizéiert (Schulze et al. 2020)⁴

Bewältegung vun der aktueller Situatioun

Am Ufank gëtt analyséiert, wéi Jugendlecher a jonk Erwuessener zu Lëtzebuerg mat der Situatioun zum Zäitpunkt vun der Erhiewung an deemno der Phas 3 vum Deconfinement zuwee kommen.

Insgesamt ginn se un, déi aktuell Situatioun an déi méiglech Verännerungen duerch COVID-19 éischer gutt ze bewältegen. Op enger Skala vun 0 (ganz schlecht) bis 10 (ganz gutt) mécht den Duerchschnittswäert 6,79 aus (Grafik 1). Eng net representative Befroung an Éisträich koom zu änleche Resultater a bericht, datt sech d'Majoritéit vun de SchülerInnen a StudentInnen trotz den aktuellen Émstänn wuelfillt (Schober et al. 2020b, 2020a).

Grafik 1: Bewältegung vun der aktueller Situatioun no Geschlecht



Quell: YAC/YSL 2020, n = 3.639, Date ponderéiert, Mëttelwäert Männer: 7,05; Mëttelwäert Fraen 6,5

⁴ Am Projet YAC+ gëtt et eng eegens konzipéiert qualitativ Datenerhiewung, déi an enker Zesummenaarbecht mat YAC entwéckelt gouf.

“ECH HUNN EINFACH PROBÉIERT [...] AM FONG DAT AUSZESCHALTEN, DAT [NEGATIV] GEFILL. [...] MEE 'T PROBÉIERT EINFACH DÉI POSITIV SAACHEN ZE DENKEN. T'HUET EEN ZÄIT FIR ANER SAACHEN ZE MAACHEN, FIR DÉI EEN SOSS VLÄICHT KENG ZÄIT HAT.”

(LUC, 18 JOER)⁵

An der virleieder Etüd ginn d'Frae mat 6,51 am Duerchschnitt un, déi aktuell Situatioun manner gutt ze bewältege wéi Männer mat 7,05 (Grafik 1).

Weiderhi gi jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond (2. Generatioun: 6,70, 1. Generatioun 6,58) oder mat nidderegem sozioekonomesche Status (6,16) un, manner gutt mat der Situatioun zuwee ze komme wéi jonk Mënschen ouni Migratiounshannergrond (7,14) oder mat mëttlerem an héijem sozioekonomesche Status (mëttleren SES: 6,77; héijem SES: 7,09)

An der Tendenz schénge jonk Erwuessener manner gutt mat der aktueller Situatioun zuwee ze komme wéi déi Jugendlech.

Dës Tendenz spigele sech och an enger brittescher Etüd vun allen Altersgruppe erëm. Do weist sech en iwwerduerchschnëttleche Réckgang vum Wuelbefannen duerch déi aktuell Situatioun fir Fraen am Verglach zu Männer a fir jonk Persounen am Verglach zu Persounen am mëttleren an am héijem Alter (Schröder 2020).

Besuergtheit wéinst COVID-19

Bal d'Hallschent (44,6 %) vun de Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg ginn un, wéinst COVID-19 a méigleche Verännerungen duerch COVID-19 zimmlech besuergt ze sinn an 9,1 % ginn un, ganz besuergt ze sinn. Op der anerer Säit ginn 18,2 % un, net esou besuergt ze sinn, a 4,2 % ginn un, iwwerhaupt net besuergt ze sinn (Grafik 2). D'Ausmooss vun der Besuergtheit bei de Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg schéngt am Verglach zu jonke Mënschen an anere Länner ganz änlech (Götz et al. 2020; Huber et al. 2020).

An der YAC-Befroung gi Fraen (48,4 %) méi heefeg wéi Männer (41,0 %) un, zimmlech besuergt ze sinn, a Männer (22,2%) ginn entspreichend méi heefeg wéi Fraen (14,3 %) un, net esou besuergt ze sinn.

Wéi d'Grafik 2 weist, ass den Undeel vun de jonke Mënschen, déi uginn, zimmlech oder ganz besuergt ze sinn, méi héich ënner de jonken Erwuessene mat Migratiounshannergrond (2. Generatioun 47,2 % an 8,6 %, 1. Generatioun 47,5 % an 12,3 %) wéi ënner de Persounen ouni Migratiounshannergrond (38,2% a 5,8%).

An der Tendenz schéngt d'Ausmooss vun der Besuergtheit bei jonken Erwuessene méi grouss ze sinn wéi bei Jugendlechen. Och Persounen mat nidderegem sozioekonomesche Status gi méi heefeg


„JO. [...] BËSSCHEN SCHONN D'BEFIERCHTUNG: 'OKEE, ET KÉINT ENG ZWEET WELL KOMMEN. OKEE, WÉI GEET DAT ELO WEIDER, WANN ENG ZWEET WELL GÉING GESCHÉIEN?' [...] AWER AM ALLGEMENGEN MANNER, WÉI WOU MER, ALSO WOU HALT DEN LOCKDOWN WAR.“
(SANDRA, 24 JOER)⁶

un, datt si zimmlech oder ganz besuergt sinn wéi Persounen mat héijem sozioekonomesche Status.

Vill national an international Etüde beschäftege sech mat de psychologesche Konsequenze vun der Pandemie, wéi zum Beispill op d'psychesch Gesondheet an Angschtzoustänn. Eng Etüd duerch de STATEC verweist beispillsweis dorop, datt jonk Erwuessener am Verglach zu Persounen am mëttleren oder héijen Alter méi heefeg eng Verschlechterung vun hirer psychescher Gesondheet wärend der COVID-19-Pandemie uginn (Peroni and O'Connor 2020).

International Etüde berichten zudeem, datt de Risk, an der aktueller Situatioun ënner Ängscht ze leiden, fir jonk Persounen méi héich ass wéi fir Persounen am mëttleren oder héijen Alter. Dat selwecht gëllt fir Fraen am Verglach zu Männer, fir Persounen mat Migratiounshannergrond am Verglach zu Persounen ouni Migratiounshannergrond an och fir Persounen mat nidderegem Akommes am Verglach zu Persounen mat héijem Akommes (Smith et al. 2020; Levita 2020; Wang et al. 2020; Qiu et al. 2020; Park et al. 2020).

Grafik 2: Besuergtheit wéinst COVID-19 no Migratiounshannergrond



Quell: YAC/YSL 2020, n (Total) = 3.741, n (no Migratiounsstatus) = 3.722, Date ponderéiert


⁶ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Empfongen Informationsstand⁷ a Bezuch op d'Moosname géint COVID-19

Méi wéi een Drëttel vun de Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg (31,3 %) ginn un, sech ganz gutt iwwer d'Moosname géint COVID-19 informéiert ze fillen. Ongeféier all Zweeten (47,4 %) gëtt un, sech gutt informéiert ze fillen an all Fënneften (17,9 %) gëtt un, sech mëttelméisseg informéiert ze fillen. Nëmme 3,5 % fille sech (ganz) schlecht informéiert (Grafik 3). Domat schéngt sech déi Jugendlech a jonk Erwuessen zu Lëtzebuerg am Duerchschnitt änlech gutt informéiert ze fillen wéi an aneren Etüden (z. B. Schober et al. 2020a; Schober et al. 2020b).

„AM UFANK WAR ECH GANZ... ALSO ECH HUNN ALL DAG GEKUCKT WÉI VILL NEI FÄLL GËTT ET, WAT GËTT ET NEIES [...] MIR ASS AWER ALLES E BËSSE VILL GINN AN ECH WOLLT E BËSSE MÉI MENG DISTANZ ZE HUELEN. LO KUCKEN ECH NACH ENG, ZWOU KÉIEREN AN DER WOCH.“
(VERA, 20 JOER)⁸

Grafik 3: Empfongen Informationsstand a Bezuch op d'Moosname géint COVID-19



Quell: YAC/YSL 2020, n = 3.739, Date ponderéiert, „(ganz) schlecht“ faasst d’Kategorie „schlecht“ a „ganz schlecht“ zesummen

Am Verglach zu de befrote Persounen ouni Migratiounshannergrond (25,9%) deiten déi virleied Daten dorop hin, dass sech befrote Persoune mat Migratiounshannergrond (2. Generatioun 32,2 %, 1. Generatioun 35,1 %) méi heefeg ganz gutt iwwer d'Moosname géint COVID-19 informéiert fillen. Et goufe keng statistesch signifikant Ënnerscheeter no Geschlecht observéiert.

„ECH MUSS SOEN ECH HUNN D'NOORICHTEN ELO NET ESOU OFT GEKUCKT. ECH HUNN OCH [...] JUST AM UFANK ENG PRESSEKONFERENZ GEKUCKT, MEE DUERNO AWER OCH NET MÉI [...] WELL ECH DAT EINFACH MÉI ESOU DUERCH MÄIN ËMFELD MATKRUT, DÉI MER DAT DANN GESOT HUNN.“
(ESTHER, 21 JOER)⁸

Unzemierken ass, dass niewent dem Gefill, gutt informéiert ze sinn, d'Participatioun an d'Gefill vu Politik a Medie gehéiert ze ginn, fir Jugendlecher a jonk Erwuessener wichteg sinn, wann et ëm d'Zefriddenheet mat der Berécksichtigung vu jonke Mënsche während der COVID-19-Pandemie geet. An Däitschland an Australien hunn Etüden erginn, dass jonk Mënschen empfangen, a politeschen Entscheidungen net gehéiert ze ginn an dass si sech an den Diskussiounen iwwer COVID-19 an ëm d'Zukunft ënnerrepresentéiert fillen (Andresen et al. 2020; UNICEF Australia 2020).

Während eng international Etüd vu Götz a Kollegen (202) zu der Conclusioun kënnt, dass Kanner⁹ mat engem héijen objektiven Informationsstand zu COVID-19 sech manner suergen, drécken d'Aussoe vun de ParticipantInnen aus der qualitativer Etüd YAC+ aus, dass si sech duerch d'Informatiounen an de Medien iwwerfuert gespiert hunn an d'Gefill haten, dass d'Informatiounen hir Besuergetheet nëmme nach verstärkt hunn.

Eng weider international Etüd bréngt e méi héije Grad un Informéiertheit iwwer de COVID-19-Virus mat enger méi positiver Astellung zu den Hygiëne- a Sécherheetsmoosnamen an engem besseren Befollegen vun den Moosnamen an Zesummenhang (Zhong et al. 2020).

⁷ Den empfongen Informationsstand gëtt keen Opschluss iwwer den objektiven Informationsstand oder d'Qualitéit vun de matgedeelten Informatiounen.

⁸ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

⁹ D'Etüd bezitt sech op 10- bis 15-järeg Persounen.

Liichtegkeet vum Befollegen vun de Moosname géint COVID-19

Bal een Drëttel (28,4 %) vun de Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg ginn un, datt et hinnen am Allgemengen ganz liicht fält, sech un d'Moosname géint COVID-19 ze halen, an 47,9 % ginn un, datt et hinne liicht fält. Nëmmen 8,6 % vun de Jugendlechen a jonken Erwuessene ginn un, datt et hinne (ganz) schwéier fält, d'Moosnamen ze befollegen (Grafik 4).


„ALSO MAT DER MASK ASS ET HEIANSDO E BËSSE SCHWÉIER, WELL ECH EE BRËLL HUNN AN [...] DA BESCHLËIT DAT ESOU [...] MEE HÄNN DESINFIZIEREN, OFSTAND HALEN DAT ASS KEE PROBLEM.“
(ISABELLE, 18 JOER)

Et goufen a Bezuch op d'Liichtegkeet, déi ugi gouf, d'Moosnamen ze befollegen, keng statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht an Alter observéiert.

Déi virleefeg Resultater deiten dorop hin, datt jonk Mënschen, déi hir eege finanziell Situatioun als gutt beschreiwen, méi heefeg uginn, datt et hinne liicht fält, d'Moosnamen ze befollegen.

„ECH HUNN DAT GANZ USTRENGEND FONNT MUSS ECH SOEN. WELL ECH WUNNEN HEI OCH AN ENGEM GANZ KLENGEN STUDIO, APPARTEMENT.“
(KATHARINA, 29 JOER)¹⁰

Grafik 4: Liichtegkeet vum Befollegen vun de Moosname géint COVID-19



Quell: YAC/YSL 2020, n = 3.734, Date ponderéiert, „(ganz) schwéier faasst d’Kategorie „schwéier“ a „ganz schwéier“ zesummen

Exkurs: Affinitéit zu Schoul a Schoulstress

Eng separat Analys vu SchülerInnen am Alter tëschent 12 an 20 Joer, déi an d'Sekondärschoul ginn oder eng Berufsausbildung maachen, gouf och duerchgefëiert.

Affinitéit zur Schoul

Op d'Fro, wat si viru COVID-19 vun der Schoul gehalen hunn, ginn 54,1% vun de SchülerInnen un, datt si d'Schoul virdu léiwer hate wéi elo, 28,0 % haten se d'selwecht gär a 17,9 % haten se virdu manner gär wéi elo. Dëse Befund deckt sech mat de Resultater vun enger Etüd fir Däitschland, Éisträich an d'Schwäiz (Huber et al. 2020).

Während et keng Ënnerscheeder no Geschlecht ze gi schéngt, berichten eeler SchülerInnen an der Tendenz manner oft vun enger Verännerung vun hirer Affinitéit zur Schoul wéi méi jonk SchülerInnen.

“HUNN ECH EINFACH BËSSCHEN MÉI SPÉIT GESCHLOF. WOU MER HAUSAUFGABEN HATEN, HUNN ECH HAUSAUFGABEN GEMAACH, BËSSCHEN GELÉIERT. JO AN DONO HUNN ECH ERËM GESPILLT. ALSO VILL ZE MAACHEN, WAR LEIDER NET, WELL SOSS GÉIF ECH JO MÉI MAACHEN.“
(NOAH, 14 JOER)¹⁰

Stress duerch Schoulaarbecht

D'SchülerInne goufen och gefrot, ob sech fir si Stress, den si eventuell an der Schoul hunn, duerch COVID-19 geännert huet.

Ongefëier ee Véierel (27,9 %) vun de SchülerInne ginn un, keng Verännerungen bemierkt ze hunn. Mat jeeweils 38,1% an 34,0 % gëtt en änlechen Undeel vun de SchülerInnen un, viru COVID-19 méi gestresst oder manner gestresst vun der Schoulaarbecht gewiescht ze sinn.

Eeler SchülerInne gi méi heefeg un, viru COVID-19 duerch d'Schoulaarbecht méi gestresst gewiescht ze sinn wéi elo. No dem Migratiounsstatus konnt kee signifikanten Ënnerscheid nogewise ginn.

An der Tendenz schéngt SchülerInne méi heefeg unzeginn, viru COVID-19 duerch d'Schoulaarbecht méi gestresst gewiescht ze si wéi Schüler. Den empfonnte Stress vun de SchülerInne schéngt sech am Verglach zu virdrun reduzéiert ze hunn.

Dëse Befund deckt sech mat Resultater vun der US-amerikaner GENYOUth-Etüd (2020), no der SchülerInnen trotz der Diskontinuitéit am Schoulsystem och positiv Verännerunge beschreiwen, wéi beispillsweis méi Schlof, manner Stress an der Schoul an een relaxe Stonneplang. Trotzdeem mussen weider negativ Auswierkungen am Bléck behale ginn.

De Bericht vun Huiart an Kolleegen (2020) liwwert Informatiounen zu den Infektiounen an den Schoulen zu Lëtzebuerg.

¹⁰ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Bewäertung vun de Moosname géint COVID-19


Déi jonk Erwuessen am Alter tëschent 16 an 29 Joer goufe gebiet, d'Moosname géint COVID-19 ze bewäerten¹¹.

Insgesamt fannen d'Moosnamen zum Zäitpunkt vun der Erhiewung¹² eng relativ héich Zoustëmmung ënner de jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg. D'Meerzal (63,8 %) gëtt un, d'Moosname gerechtfäerdeg ze fannen. Ongeféier ee Fënneftel (19,3 %) vun de jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg gëtt un, d'Moosnamen éischer net streng oder ëmfangräich genuch ze fannen. All Zwanzegsten (5,1 %) gëtt esouguer un, se net streng oder ëmfangräich genuch ze fannen. Nëmme 11,8 % vun de jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg gëtt un, d'Moosnamen zum Zäitpunkt vun der Erhiewung (éischer) iwwerdriwwen ze fannen (Grafik 5).

„JO NAJA ECH FANNEN ET HEIANSDO E BËSSEN ZUM DEEL WIDDERSPRÉCHLECH [...] OCH WANN ECH GESINN OKEE DÉI ENG WOCH ASS CONFINEMENT ET ASS ELO ALLES ZOU AN DÉI ANER WOCH GËTT AWER SOU VILL SCHONN ERËM OPGELACKERT.“
(PIT, 23 JOER)¹³

Männer (14,4 %) gi méi heefeg wéi Fraen (9,3%) un, d'Moosnamen iwwerdriwwen ze fannen. Et gi keng statistesch signifikant Differenzen no Alter bei der

Grafik 5: Bewäertung vun de Moosname géint COVID-19



Quell: YAC/YSL 2020, n = 2.901, Date ponderéiert, „(éischer) iwwerdriwwen“ faasst d'Kategorien „iwwerdriwwen“ an „éischer iwwerdriwwen“ zesummen

¹¹ De Jugendlechen am Alter tëschent 12 a 15 Joer gouf dës Fro net gestallt.

¹² Zum Zäitpunkt vun der Erhiewung huet sech Lëtzebuerg an der Phas 3 vum Deconfinement befunnt. De Lockdown war opgehewen an déi meescht Institutiounen (mat Upassungen an néie Verhalensregelen) erëm op. Öffentlech Manifestatiounen an

Bewäertung vun de Moosname géint COVID-19 observéiert.

„ALSO ECH FANNEN, DASS DÉI REGULATIOUNEN GUTT SINN OCH FIR EIS JONK PERSOUNEN, WELL MIR KËNNE JO OCH TRÄGER VUM VIRUS SINN. [...] ECH FANNE JIDDEREE SOLL SENG MOOSSNAMEN ANHALEN AN OCH SOU SÄI LIEWE WEIDER LIEWEN AN NÄCHSTER ZÄIT FIR DASS MIR DE VIRUS VLÄICHT ENG KÉIER KËNNEN AUSLÄSCHEN.“
(ISABELLE, 18 JOER)¹³

Déi héich Zoustëmmung vun de jonke Mënsche fir d'Moosname géint COVID-19 kéinte mat dem héijem Mooss u Vertrauen an d'Fäegkeet vu Regierung an Gesondheetswiesen am Ëmgang mat der Pandemie zesummenhänken, vun dem d'Come-HERE-Etüd iwwer verschidden Altersgruppen ewech fir Lëtzebuerg bericht (Vögele et al. 2020).

„ECH HUNN ÉISCHTER GEDUECHT, OKEE D'REGIERUNG DECIDÉIERT DAT ELO AN OCH WANN ECH DAT VILLÄICHT NET MEGA FANNEN ELO HEI ËMMER DOHEEM ZE SËTZEN, WËSSEN SI AWER WAT SE MAACHEN. [...] WELL FIR MECH ASS WICHTEG, DASS ESOU VILL LEIT WÉI MÉIGLECH GESOND BLÉIWEN AN WANN ECH DOZOU KA BÄIDROEN, DANN ASS DAT FIR MECH MÉI WICHTEG WÉI MENG EEGE MEENUNG.“
(KATHARINA, 29 JOER)¹³

d'Unzuel vun der Persounen, déi aus verschiddene Stéit hunn däreifen zesummekommen, waren nach ageschränkt. <https://msan.gouvernement.lu/dam-assets/covid-19/exit/phase-3/Flyer-Phase-3.pdf>

¹³ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Moosname géint COVID-19

Déi jonk Erwuessen am Alter tëschent 16 an 29 Joer goufen och gebieden, unzeginn, wat fir Moosnamen si géint COVID-19 ergraff hunn.¹⁴¹⁵¹⁶

Eng grouss Majoritéit vun de jonken Erwuessenen huet d'Recommandatiounen a Saachen Hygiène vum Gesondheetsamt (Mond- a Nueseschutz, Hännwäschen an Evitéiere vu Beréierung an enkem Kontakt) ugeholl an ëmgesat. (Fir detailléiert Empfehlunge kuckt w.e.g. Direction de la Santé 2020). Wéi d'Grafik 6 weist, ginn 94,8 % vun de jonken Erwuessenen un, eng Gesichtsmask gedroen ze


„HALT DAT MAT DER MASK AN OCH MAT DEN HÄNN WÄSCHEN AN EBEN OCH WANN EE MIERKT OKEE 'ECH HUNN LO IERGENDWÉI HALS WÉI. ECH HUNN ELO KAPP WÉI, HOUSCHT', DASS EEN DANN AWER BESSER SEET 'OKEE ECH MAACHEN EINFACH EMOL EN TEST' FIR ZE KUCKEN, NET WANN ECH DANN AWER LO MECH MAT ANERE LEIT TREFFEN AN ECH HÄTT DE VIRUS... ALSO EINFACH DO HALT SOU MËI VIRSIICHTEG SINN AN JO EBEN DANN SOU OP SECH SELWER LAUSCHTEREN.“
(JEANNE, 20 JOER)¹⁷

hunn. Iwwer 80 % vun de befrote Persoune ginn un, d'Hänn méi heefeg gewäsch ze hunn (89,1 %), d'Hänn méi heefeg desinfizéiert ze hunn (84 %) souwéi d'Beréiere vun anere Mënschen (82,4 %) an de Besuch vu Plazen, wou sech vill Leit ophalen, vermieden ze hunn (80,8 %).

„ECH WAR ËMMER MAM MASK AUSSER WANN ECH DANN ELENG LAFE GAANGE SINN, MENGEN DO WAR EN NET OBLIGATOIRESCH, MEE JO AM ZUCH, JO AN DER SCHOUL. ECH HU PROBÉIERT ËMMER SOU HEEM ZE GOEN DIREKT AN NET MAT DE KOLLEEGEN ËMMER RAUS ZE GOEN. JO ECH GÉIF SOEN DÉI MEESCHT... ECH HUNN ËMMER PROBÉIERT SOU ALLES GUTT MECH DRUN ZE HALEN.“
(CONSTANT, 18 JOER)¹⁷

D'Empfeelunge bezüglech de Kontaktbeschränkunge schéngen déi jonk Erwuessen e bësse manner gutt ugeholl ze hunn (Fir detailléiert Empfehlunge kuckt w.e.g. Direction de la Santé 2020). Jeeweils op mannst zwee Drëttel vun de jonken Erwuessenen hu gesellschaftlech Evenementer vermieden (78,4 %), beim Zesummentreffe mat anere Persoune zwee Meter Ofstand gehalen (74 %) oder Treffere mat Persoune aus anere Stéit evitéiert (66,5 %).

Grafik 6: Top 5 vun den ëmgesate Moosnamen géint COVID-19 (Undeel vun den ëmsetzenden ParticipantInnen)



Quelle: YAC/YSL 2020, n = 2.893, 2.892, 2.892, 2.892, 2.893, Date ponderéiert

¹⁴ De Jugendlechen am Alter tëschent 12 a 15 Joer gouf dës Froen net gestallt.

¹⁵ Hei goufen nëmmen déi Moosnamen berécksichtegt, déi d'Meerzall vun de Mënsche betreffen. Moosnamen, déi nëmmen eng Minoritéit betreffen, wéi beispillsweis Kanner net an d'Schoul ze schécken oder net schaffen ze goen, goufen net berécksichtegt.

¹⁶ Sech testen ze loossen, gouf als Moosnam an der Lëscht vun den ofgefrote Moosnamen net explizitt ernimmt, gëtt allerdéngs vun de ParticipantInnen vun der qualitativer YAC+-Etüd als weider Moosnam géint COVID-19 genannt.

¹⁷ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Déi jonk Erwuessener hunn awer och vu Verhalensweise bericht, déi hirer Gesondheet schuede kéinten. Esou hunn 41,4% vun de Befrote Visitte beim Dokter, an der Klinik oder an anere Gesondheetsariichtunge vermidden an 55,8 % hunn et komplett vermidden, baussent d'Dier ze goen.

Männer gi bei bal alle Moosname manner heefeg un, dës ergraff ze hunn wéi Fraen. Nëmme fir d'Évitéiere vum öffentlechen Transport, d'Op-d'Land-Plënnere an d'Évitéiere vu Reesen an d'Ausland waren d'Ënnerscheeter tëschent de Geschlechter net statistesch signifikant.

No Alter gëtt et virun allem bei de Moosnamen zu de Kontaktbeschränkunge statistesch signifikant Ënnerscheeter: Jugendlecher hu manner heefeg wéi jonk Erwuessener uginn, sech un d'Ofstandsreegele gehalen ze hunn.

Jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond gi bei siwe Moosname statistesch signifikant méi heefeg un, dës befollegt ze hunn wéi jonk Mënschen ouni Migratiounshannergrond. Et handelt sech heibäi ëm Hygiène-Empfeelungen a Moosnamen am öffentleche Raum (zum Beispill Évitéieren, dat eegent Gesicht ze beréieren; Desinfizéiere vum eegenen Haus; Évitéiere vu Plaze mat ville Leit oder d'Goen a Geschäfte a Supermarchéen). Jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond schéngen deemno no eegenen Angaben am haislechen an öffentleche Raum méi virsiichteg ze si wéi jonk Mënschen ouni Migratiounshannergrond.

Beim Hännwäschen, Desinfizéiere vum Haus an dem Vermeiden, baussent d'Dier ze goen, zeechne sech komplex Ënnerscheeter no sozioekonomeschem Status of. Et si weider Analysen erfuerderlech, fir dës Zesummenhäng z'ënnersichen.

Eis Resultater fügen sech an Befunder vun internationalen Etüden, zum Beispill aus Frankräich, China an den USA, an (Park et al. 2020; Brouard et al. 2020; Zhong et al. 2020; Atchison et al. 2020). Jonk Persounen ergräifen a befollege Moosname méi seele wéi Persounen am mëttleren an héijen Alter, Männer méi seele wéi Fraen. Ze beuechten ass, datt insgesamt d'Bereitschaft, Moosnamen a Reegelen ze befollegen, héich ass.

Exkurs: Ekonomesch Auswierkunge vu COVID-19 an de Moosname géint COVID-19

Kuerzaarbecht

Vu jonken Erwuessenen, déi Vollzäit, Deelzäit oder geleeëntlech beschäftegt sinn, gi 17,8 % un, op mannst eng Woch wéinst COVID-19 a Kuerzaarbecht gewiescht ze sinn. Männer gi mat 22,8% méi heefeg wéi Fraen un, mindestens eng Woch a Kuerzaarbecht gewiescht ze sinn. Jonk Erwuessener mat Migratiounshannergrond (2. Generatioun 16,5 %, 1. Generatioun 23,1 %) ginn och méi heefeg un, mindestens eng Woch a Kuerzaarbecht gewiescht ze si wéi jonk Erwuessener ouni Migratiounshannergrond (11,9%). Zudeem stoung Kuerzaarbecht éischer mat nidderegem sozioekonomesche Status an Zesummenhang (25,3%) wéi mat héijem sozioekonomesche Status (15,2 %).

An engem Rapport vum STATEC zu den zu Lëtzebuerg beschäftegte Persounen aus allen Altersgruppe beschreift Saracino (2020), datt sech säit Akraafttriede vun de COVID-19-Moosnamen ongeféier ee Véierel vun de Beschäftegten, déi zu Lëtzebuerg wunnen, als direkt Konsequenz vun der COVID-19-Pandemie a Kuerzaarbecht befonnt hunn. Méi jonk Persounen wieren deemno net méi heefeg vu Kuerzaarbecht opgrond vu COVID-19 betraff wéi Persounen am mëttleren an héijen Alter.

Verännerung vum Akommes

No eegenen Angaben huet sech säit Mäerz 2020 dat individuell Akommes fir 15,4 % vun de Jugendlechen a jonken Erwuessene verännert. D'Akommes vum Stot huet sech fir 24,1% vun de Befroten, déi net eleng oder an enger WG wunnen, verännert.

Eng Verännerung vum individuellen Akommes oder dem Akommes vum Stot gouf méi heefeg vu jonke Mënsche mat Migratiounshannergrond ugi wéi vu jonke Mënschen ouni Migratiounshannergrond souwéi méi heefeg vu jonke Mënsche mat nidderegem wéi mat héijem sozioekonomesche Status.

Vun deene 15,4 % vun de jonke Mënschen, deenen hiert individuell Akommes sech verännert huet, gouf ronn d'Hallschent (53,1 %) eng Baisse vum Akommes un. Déi aner Hallschent gouf un, hiert individuell Akommes wier eropgaangen. Vun de 24,1 % vun de jonke Mënschen, deenen hiert Akommes vum Stot sech verännert huet, goufen dräi Véierel (74 %) eng Baisse vum Akommes un. Dee restleche Véierel gouf un, datt d'Akommes am Stot eropgaange wier.

Jonk Mënsche mat héijem sozioekonomesche Status gi méi heefeg wéi jonk Mënsche mat nidderegem sozioekonomesche Status un, datt hiert individuell Akommes oder d'Akommes vum Stot eropgaangen ass.


Auswirkungen vun de Moosname géint COVID-19

Déi Jugendlech a jonk Erwuessen zu Lëtzebuerg goufe gefrot, wéi sech COVID-19 an d'Moosname géint COVID-19 op si ausgewierkt hunn. Als Beispiller fir Moosname géint COVID-19 goufen ënner anerem ernimmt: „Doheem bleiwen“, „Mask droen“, „heefeg d'Hänn wäschen“ a „keng Frënn treffen“.

„ET WAR EBE SCHWÉIER JO MAT LEIT ZE SINN, DAT HEESCHT ET HUET EEN ET OCH BEMIERKT WIEN SECH INTERESSÉIERT A WIEN NET. AN DAT KËNNT AWER DANN OCH OP EE PUNKT, WOU EE SEET "PUH, DAT ASS E BËSSE SCHWÉIER ZE VERKRAAFEN"[...] MEE DUERNO HUET EEN SECH AWER ARRANGÉIERT MAT ONLINE GESINN, FACEBOOK MESSENGER, SECH EBE GESINN IWWERT HANDY.“
(CYNTHIA, 25 JOER)

Bal d'Hallschent (45,0 %) vun de Jugendlechen a jonken Erwuessene ginn un, datt sech COVID-19 an d'Moosname géint COVID-19 weder positiv nach negativ op si ausgewierkt hunn. Ongeféier all Véierten

Grafik 7: Auswierkung vun de Moosname géint COVID-19



Quell: YAC/YSL 2020, n = 3.708, Date ponderéiert

„ECH MIERKEN E BËSSE WAT MIR BËSSEN ZUM DEEL OCH WIERKLECH FEELT ASS EINFACH AWER DÉI MOL MËTTES AN DER CANTINE SËTZEN, HEI LÉNKS SCHWÄTZEN, RIETS SCHWÄTZEN A BËSSEN SOU DÉI INTERAKTIOUN MAT DE LEIT DAT FEELT MIR E BËSSEN [...] LÉNKS A RIETS LEIT BEGÉINT A BËSSEN DAT ASS ET WAT MIR HAAPTSÄCHLECH FEELT.“
(PIT, 23 JOER)

(24,6 %) gëtt un, insgesamt éischer negativ Auswierkungen erlieft ze hunn. Am Verglach dozou ass den Undeel vun de jonke Mënschen, déi éischer positiv Auswierkungen uginn, e bësse méi niddereg (17,8 %). Déi Undeeler vun de jonke Mënschen, déi ganz negativ (6,5 %) oder ganz positiv (6,2 %) Auswierkung vu COVID-19 an de Moosname géint COVID-19 uginn, si bal identesch (Grafik 7).

Tëschent de Geschlechter gouf kee statistesch signifikanten Ënnerscheet observéiert. A virleefegen Analysen zeechne sech Ënnerscheeter am Bezuch op Alter, Migratiounshannergrond oder sozioekonomesche Status of, déi nach méi am Detail ënnersicht musse ginn.

¹⁸ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Resümee

D'Analys vun de virleefegen, ponderéierten a representativen Daten, déi am Kader vun der YAC-Erhiewung gesammelt goufen, erlaabt éischt Observatiounen am Bezuch op d'Situatioun vu jonke Mënschen am Alter vun 12 bis 29 Joer während der COVID-19-Pandemie zu Lëtzebuerg.

Eis Resultater weisen, datt jonk Mënschen zu Lëtzebuerg insgesamt éischer gutt mat der aktueller Situatioun zuwee kommen. Ronn d'Hallschent vun de jonke Mënsche gëtt un, opgrond vu COVID-19 besuergt ze sinn, an ongeféier een Drëttel hätt negativ Auswierkungen duerch d'COVID-19-Moosnamen erlieft. D'Zefriddenheet iwwer den Informatiounsstand a Bezuch op COVID-19 an den entspreichend Moosnamen ass no eegenen Angaben héich. Ausserdeem gëtt d'Majoritéit vun de befrote Persounen un, d'Moosname gerechtfäerdigt ze fannen, an eng grouss Majoritéit vun de Jugendlechen a jonken Erwuessene gëtt un, d'Hygiène-Empfeelungen ëmzesetzen. Déi virleefeg Resultater weisen dorop hin, datt déi jonk Mënsche Kontaktbeschränkungsmoosname manner gutt ëmsetzen wéi d'Hygiène-Empfeelungen. De Verglach mat deene weinegen, schonn disponibel Referenzetüden aus anere Länner weist, datt déi jonk Mënschen zu Lëtzebuerg en änlechen Ëmgang mat der Pandemie fanne wéi hir Altersgenossen am Ausland.

Trotz hirer Virleefegkeet weisen d'Resultater schonn op considerabel soziodemographesch an sozioekonomesch Ongläichheeten hin:

- Angabe vu Fraen a Bezuch op d'Besuergtheet an d'Bewältegung vun der Situatioun falen tendenziell méi negativ aus wéi déi vun Männer. Befrote männlech Persounen ginn zudeem méi seelen un, d'COVID-19-Moosname gerechtfäerdigt ze fannen an ze befollegen.
- Jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond am Verglach zu jonke Mënschen ouni Migratiounshannergrond méi seelen uginn, mat der aktueller Situatioun gutt zuwee ze kommen an och méi heefeg uginn, besuergt ze sinn: Gläichzäiteg ginn si och méi heefeg un, gutt informéiert ze sinn a Moosname géint COVID-19 z'ergräifen.
- Jonk Erwuessener ginn am Verglach zu Jugendleche méi seelen un, gutt mat der Situatioun zuwee ze kommen a gi méi heefeg un,

sech wéinst COVID-19 ze suergen. Zousätzlech gi si méi heefeg wéi Jugendlecher un, Kontaktbeschränkungsmoosnamen ëmzesetzen.

- Jonk Mënsche mat nidderegem sozioekonomesche Status gi méi seele wéi jonk Mënsche mat héijem sozioekonomesche Status un, mat der aktueller Situatioun gutt zuwee ze kommen an ginn méi heefeg un, wéinst COVID-19 besuergt ze sinn. Gläichzäiteg gi si méi seelen un, datt et hinne liicht fällt, d'Moosnamen ze befollegen, wéi befrote Persounen mat héijem sozioekonomesche Status.¹⁹

„EINFACH DOMAT LIEWEN, DAT ASS EBEN ELO ESOU.
DORUNNER ÄNNERS DU NÄISCHT. DU KANNS JUST
VERHËNNEREN, DASS ET NACH MÉI LAANG GËTT, AN DEEM S
DU ELO NET ANER LEIT USTIECHE GEES, FALLS DE ET HÄSS.“
(LUC, 18 JOER)

Schlussfolgerung

Insgesamt zeechnen déi virleefeg Resultater vun der representativer Befroung vu Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg en differenzéiert Bild. Am Allgemenge schéng jonk Mënsche sech hirer Responsabilitéit bei der Andämmung vum Coronavirus bewusst ze sinn. Si verfügen an der Majoritéit iwwer déi noutwenneg Informatiounen a Méiglechkeeten, sech entspreichend dëser Responsabilitéit ze verhalten. Negativ Auswierkunge vu COVID-19 an de Moosname géint COVID-19 deite sech un, schéngen zum Zäitpunkt vun der Erhiewung awer net ze dominéieren.

Et ass allerdéngs warscheinlech, datt sech negativ Auswierkunge verstärkt weise wäerten, jee méi laang d'COVID-19-Pandemie unhält a jee méi individuell a gesellschaftlech Ressourcen opgebraucht ginn. Schonn elo loosse sech Ufäng vu soziodemographesch a sozioekonomeschen Ënnerscheeter am Ëmgang mat der COVID-19-Pandemie festhalen. Et gëllt dowéinst, déi jonk Mënsche weider z'ënnerstëtzen, den Iwwergang tëschent Kandheet an Erwuesse Sinn trotz COVID-19 ze bewältegen an hinnen déi dofir erfuerderlech Méiglechkeeten a Raim verantwortungsvoll zur Verfügung ze stellen. Dobäi muss besonnesch och op Ongläichheete geuecht ginn, déi sech entwéckelen a verstärken.

¹⁹ Zitat aus engem Interview mat jonke Mënschen zu COVID-19 (Schulze et al. 2020)

Bibliographie

Andresen, Sabine; Lips, Anna; Möller, Renate; Rusack, Tanja; Schröder, Wolfgang; Thomas, Severine; Wilmes, Johanna (2020): Erfahrungen und Perspektiven von jungen Menschen während der Corona-Maßnahmen. UVH - Universitätsverlag Hildesheim. Hildesheim.

Atchison, Christina J.; Bowman, Leigh; Vrinten, Charlotte; Redd, Rozlyn; Pristera, Philippa; Eaton, Jeffrey W.; Ward, Helen (2020): Perceptions and behavioural responses of the general public during the COVID-19 pandemic. A cross-sectional survey of UK Adults. Imperial College London. London.

Brouard, Sylvain; Vasilopoulos, Pavlos; Becher, Michael (2020): Sociodemographic and Psychological Correlates of Compliance with the COVID-19 Public Health Measures in France. In *Can J Pol Sci*, pp. 1–6. DOI: 10.1017/S0008423920000335.

Croatian Presidency of the Council of the European Union (2020): Young people could play an important role in mitigation of risks and community outreach in this global crisis. With assistance of Croatian Presidency of the Council of the European Union, Council of the European Union. Edited by Ministry of Foreign and European Affairs of the Republic of Croatia. Available online at <https://eu2020.hr/Home/OneNews?id=292>, updated on 5/19/2020, checked on 8/20/2020.

Direction de la santé (2020): Recommandations sanitaires temporaires de la Direction de la santé dans le cadre de la crise sanitaire liée à la COVID-19. Luxemburg. Available online at <https://coronavirus.gouvernement.lu/fr.html>.

GENYOUth (2020): Life Disrupted. The Impact of COVID-19 on Teens. Edited by GENYOUth (GENYOUth Insights). Available online at <https://www.genyouthnow.org/reports/life-disrupted-the-impact-of-covid-19-on-teens>, checked on 8/14/2020.

Götz, Maya; Mendel, Caroline; Lemish, Dafna; Jennings, Nancy; Hains, Rebecca; Abdul, Fatima et al. (2020): Children, COVID-19 and the media. A study on the challenges children are facing in the 2020 coronavirus crisis. In *Television* 33, pp. 4–9.

Huber, Stephan Gerhard; Günther, Paula Sophie; Schneider, Nadine; Helm, Christoph; Schwander, Marius; Schneider, Julia; Pruitt, Jane (2020): COVID-19 und aktuelle Herausforderungen in Schule und Bildung. Erste Befunde des Schul-Barometers in

Deutschland, Österreich und der Schweiz. Münster, New York: Waxmann (Schul-Barometer).

Huiart, Laetitia; Mazzucato, Elisa; Mombaerts, Laurent; Mossong, Joël; Rodrigues, Bruno; Schank, Flore et al. (2020): L'école face à la COVID-19 au Luxembourg. Rapport d'analyse. Edited by Ministère de La Santé (Direction de la Santé), Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Université du Luxembourg, Research Luxembourg. Luxembourg. Available online at <https://men.public.lu/fr/publications/statistiques-etudes/themes-transversaux/ecole-covid.html>.

Klinzing, Susanne (2020): Rolle der Jugend bei Minderung der Corona-Auswirkungen betont. EU-Jugendminister/-innen tagten. Edited by Fachstelle für Internationale Jugendarbeit der Bundesrepublik Deutschland e.V. (IJAB). Available online at <https://ijab.de/alle-kurzmeldungen/rolle-der-jugend-bei-minderung-der-corona-auswirkungen-betont>, updated on 5/20/2020, checked on 8/20/2020.

Levita, Liat (2020): Initial research findings on the impact of COVID-19 on the well-being of young people aged 13 to 24 in the UK. With assistance of University of Sheffield and the University of Ulster COVID-19 Psychological Research Consortium (C19PRC). Sheffield.

Ministère de la Santé (2020): Nouvelles infections Covid-19 - Rétrospective de la semaine. Luxembourg. Available online at <https://sante.public.lu/fr/actualites/2020/08/index.html>.

Park, Crystal L.; Russell, Beth S.; Fendrich, Michael; Finkelstein-Fox, Lucy; Hutchison, Morica; Becker, Jessica (2020): Americans' COVID-19 Stress, Coping, and Adherence to CDC Guidelines. In *Journal of general internal medicine* 35 (8), pp. 2296–2303. DOI: 10.1007/s11606-020-05898-9.

Peroni, Chiara; O'Connor, Kelsey J. (2020): One in three Luxembourg residents report their mental health declined during the COVID-19 crisis. Results of the COVID-19 Social and Economic Impact Survey. Edited by STATEC. Luxembourg (Regards, 8). Available online at <https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/regards/2020/PDF-08-2020.pdf>.

Qiu, Jianyin; Shen, Bin; Zhao, Min; Wang, Zhen; Xie, Bin; Xu, Yifeng (2020): A nationwide survey of psychological distress among Chinese people in the COVID-19 epidemic. Implications and policy

recommendations. In *Gen Psych* 33 (2), e100213. DOI: 10.1136/gpsych-2020-100213.

Research-based analysis of European youth programmes (2020): Research Project on the Impact of the Corona Pandemic on Youth Work in Europe (Ray-Cor). Literature Review // Snapshot 1. Available online at https://www.researchyouth.net/wp-content/uploads/2020/09/RAY-COR_Literature-Review_20200814.pdf.

Sarracino, Francesco (2020): Job insecurity worsened for 25% of the residents as a consequence of the COVID-19 crisis. Results of the COVID-19 Social and Economic Impact Survey. Edited by STATEC. Luxembourg (Regards, 6). Available online at <https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/regards/2020/PDF-06-2020.pdf>.

Schober, Barbara; Lüftenegger, Marko; Spiel, Christiane; Holzer, Julia; Ikanovic, Selma Korlat; Pelikan, Elisabeth; Fassl, Flora (2020a): Lernen unter COVID-19-Bedingungen. Erste Ergebnisse - Schüler*innen. Universität Wien. Wien.

Schober, Barbara; Lüftenegger, Marko; Spiel, Christiane; Holzer, Julia; Ikanovic, Selma Korlat; Pelikan, Elisabeth; Fassl, Flora (2020b): Lernen unter COVID-19-Bedingungen. Erste Ergebnisse - Studierende. Universität Wien. Wien.

Schröder, Martin (2020): The effect of the Covid-19 pandemic on human well-being. Available online at <https://www.martin-schroeder.de/2020/06/05/the-effect-of-the-covid-19-pandemic-on-human-well-being/>, updated on 5/6/2020, checked on 7/8/2020.

Schulze, Tabea Sophie; Heinen, Andreas; Schobel, Magdalena (2020): Qualitative Interviews mit Jugendlichen und jungen Erwachsenen während der Covid-19 Pandemie. Unveröffentlichte Rohdaten. Universität Luxemburg. Esch-sur-Alzette.

Smith, Lee; Jacob, Louis; Yakkundi, Anita; McDermott, Daragh; Armstrong, Nicola C.; Barnett, Yvonne et al. (2020): Correlates of symptoms of anxiety and depression and mental wellbeing associated with COVID-19: a cross-sectional study of UK-based respondents. In *Psychiatry research* 291, p. 113138. DOI: 10.1016/j.psychres.2020.113138.

UNICEF Australia (2020): "LIVING IN LIMBO". The views and experiences of young people in Australia at the start of the COVID-19 pandemic and national response.

Vögele, Claus; Lutz, Annika; Yin, Remi; D'Ambrosio, Conchita (2020): How do different confinement measures affect people in Luxembourg, France,

Germany, Italy, Spain and Sweden? COME-HERE: First Report. Luxembourg. Available online at https://www.en.uni.lu/research/highlights/how_do_different_confinement_measures_affect_people_first_results, updated on 7/7/2020, checked on 8/21/2020.

Wang, Cuiyan; Pan, Riyu; Wan, Xiaoyang; Tan, Yilin; Xu, Linkang; Ho, Cyrus S.; Ho, Roger C. (2020): Immediate Psychological Responses and Associated Factors during the Initial Stage of the 2019 Coronavirus Disease (COVID-19) Epidemic among the General Population in China. In *IJERPH* 17 (5), p. 1729. DOI: 10.3390/ijerph17051729.

Zhong, Bao-Liang; Luo, Wei; Li, Hai-Mei; Zhang, Qian-Qian; Liu, Xiao-Ge; Li, Wen-Tian; Li, Yi (2020): Knowledge, attitudes, and practices towards COVID-19 among Chinese residents during the rapid rise period of the COVID-19 outbreak: a quick online cross-sectional survey. In *International journal of biological sciences* 16 (10), pp. 1745–1752. DOI: 10.7150/ijbs.45221.